**Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien**

Och dëst Joer nees hëlt eng Equipe vun de Masteren un der Weltmeeschterschaft deel. Des WM gëtt ausgeriicht vun der spuenescher Fédératioun ,an zwar an der Regioun vun Valencia, déi als autonom Gemeinschaft gefouert gëtt. D'Uertschaft selwer heescht Fortaleny (1000 Awunner) an geféscht gëtt am Floss Jucar deen dann och net onwäit dovun an Mier mündet. Aleng ob der Streck wou geféscht gëtt sinn an zwou Zonen agedeelt, Zone Riola (220 Platzen) an Zone Escuela de Pesca (100 Platzen). Dat allerbescht an zwar fir et fettgedréckt ze bemierken sinn déi insgesamt 320 Platzen dei all Kéiers mat enger Trapp an beim Waasser mat engem Bëtons Sockel agegoss sinn. Souvill zum Stellewäert vun der Fëscherei an Spunien. Vu Lëtzebuerg brauch keen ze schwätzen. Aleng den Zougang zu eisen Gewässer ass eng eenzeg Katastroph fir net ze soen eng Riesensauerei. Mee, mir maachen elo keng Politik, Berichter déi ech an och meng zweet Hallschent Viv Iech wärend dëser WM nees all Dag schreiwen, sollen sech nëmmen em Fëscherei dréinen.

An der Equipe dëst Joer fëschen dann och de Gasti Wiesen, Fernand Schmitt, John Grün an den Marc Brandenburger. Als Reserve ass den Misch Burais och derbäi. Als 1ten Kapitänin geet Viviane Schmitt mat. Den Danny Wilmes iwwerhëlt Roll vum 2ten Kapitän, an de Fernand Metzger ass dann den Delegéierten. Als Begleeder ass och nach d'Anouk Wilmes derbäi. Viviane, dem Misch seng Fra an och Christiane, dem Gasti seng zweet Hallschent wäerten eis reegelméisseg ennerstetzen kommen.

Nei dëst Joer ass, dass Championnat ausgedroen gëtt an 3 Manchen zu jee 4 Stonnen, also 1 Manche mei. Mat der Hëtzt déi annoncéiert ass, mir sinn awer schliisslech a Spunien, wäerte mer dann och all mat deeër enger oder anerer Schwieregkeet ze kämpfen hunn. War allerdéngs d'lescht Joer zu Coruche a Portugal net besser. Also, einfach mei drénken, awer am Beschten ouni Prozenter dran.

Iwwer Fëscherei wësse mer esouvill das Kaarpen, Karauschen an och vereenzelt Black Bass, Muleen an och Zanderen ze fänken sinn. Blénkerten Fëscherei kann och eng Roll spillen. Match Fëscherei ass warscheinlech och reegelméisseg um Programm.

Mir wäerten Iech um Lafenden halen mat eisen deeglechen Berichter. Dréckt eiser Equipe Daumen.

Fernand Schmitt